


# Däi Wee bei d'Rettungsdéngschter

## 01. Éischt-Hëllef Cours



Aschreiwungen an Informatiounen ënner:

 [cours.cgdis.lu](https://cours.cgdis.lu)

Den Éischt-Hëllef Cours dauert 16 Stonnen a besteet zu 2/3 aus prakteschen Übungen an 1/3 theoretischem Wëssen.


Den Diplom ass 5 Joer gültig. Wann s du an deene leschte 5 Joer een Éischt-Hëllef Cours gemaach hues kanns du direkt an de Sportstest goen.

## 02. Sportstest



Fir fräiwëllege Member am CGDIS ze ginn muss een un engem Sportstest deelhuefen. Dësen Test ass eng Evaluéierung vun der kierperlecher Fitness, du kanns also net duerchfalen.

Weider Informatiounen kriss du ënner:

 [volontariat@cgdis.lu](mailto:volontariat@cgdis.lu)

 Tel 49771-2332

 [www.112.lu](http://www.112.lu)

 Oder bei dengem lokalen Centre d'Incendie et de Secours

## 03. Examen médical



Nom Sportstest muss een an déi éischt medezinesch Ënnersichung. D'Ënnersichung duerch den Dokter ass gratis an du gëss a Funktioun vun dengem zukünftigen Missiounen getest.

## 04. Cours d'initiation commun




E Cours vu 4 Deeg, deen eng allgemeng Aféierung an de Rettungsdéngscht ubitt mat ënner anerem Brandbekämpfung a Reanimatioun.



### FIS 1


E Cours vu 7 Deeg, dee mat engem Examen ofgeschloss gëtt. No dësem Cours ass ee prett fir als Stagiaire mat op den Asaz ze fueren. Méi Informatiounen op:

 [inscription.cgdis.lu](https://inscription.cgdis.lu)



### SAP 1

E Cours vu 5 Deeg, dee mat engem Examen ofgeschloss gëtt. No dësem Cours ass ee prett fir als Stagiaire mat op den Asaz ze fueren. Méi Informatiounen op:

 [inscription.cgdis.lu](https://inscription.cgdis.lu)